LSAP

**Question élargie n° 105**
Reçue le 15.06.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.06.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2021

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 82 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës erweidert parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

D'Corona-Pandemie huet der Entwécklung an dem Bien-être vun de Kanner net gutt gedoen. Déi Klengst si net méi gewinnt, ënnert grousse Gruppen ze sinn an dinn sech ëmmer méi schwéier Emotiounen ze erkennen. Experte ginn dervun aus, dass dëst och à long terme Auswierkungen op d'Verhalen, an d'Verhalensstéierunge vun de Kanner an zukünftege Jugendleche wäert hunn. Ofgesinn vun der Pandemie kréien d'Kompetenzzentren déi lescht Joren iwwer ëmmer méi Zoulaf. Et héiert ee vu volle Strukturen a Kanner, déi keng Plaz méi fir dëse wichtegen Encadrement kréien.

Am Kader vun dëser erweiderter parlamentarescher Fro wéilt ech den zoustännege Minister dës Froe stellen:

- Wéi gesäit déi aktuell Situatioun an de Kompetenzzentren aus a wéi eng mëttel awer och laangfristeg Strategie ass virgesinn ?
- Gouf den 2018 ugekënnegte Bilan, fir 3 Joer méi spéit scho gezunn?
- Wéi gesäit d'Evolutioun vu Kanner mat spezielle Bedürfnisser aus? Wat sinn hier Perspektiven?
- Wéi gesäit d'Situatioun fir déi Jugendlech aus, déi net méi an d'Schoul, also d'Kompetenzzentre kënne goen?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert